Fësch aus Lëtzebuerg

Zesummegestallt vum: WEYLAND Nico weylandn@pt.lu / NEUMANN René rene@neumann.lu / THILL Lucien lucien.thill@lu.coditel.net / / März 07

©Piisch

LU: Piisch
DE: Flussbarsch, Barsch
FR: Perche
LT: Perca Fluviatilis
Gréisst : 25 - 35 cm; Max. 50 cm
Gewiicht: Bis ca. 1 kg max. 4 kg
Kierper: D'Piisch huet, oofhängeg vum Gewässer, e méi oder wéineger héichréckegen Kierper, mat kuerzem Kapp a ganz breeder Maul. Si huet zwou gläichlaang stacheleg Réckeflossen. De Réck ass donkelgro oder olivfaarweg, d'Säiten si méi hell an hun 6 - 9 donkel Quersträifen. D'Schwanz- an déi ënnescht Flossen sinn roudelzeg.
Standuert: Am léifsten ass hien a rouegem oder luesfléissendem Waasser. Jongfësch sinn am léifsten um Uwänner a Groussfësch si léiwer am fräien Gewässer.
Ernährung: Kleng Piischen ernähren sech vu Wierm, Schleeken, Insektenlarven,vun der Fëschläich an der Fëschbrut. Grouss Piischen si léiwer an der Fräiwaasserzoon a friessen haaptsächlech Fësch a gelegentlech grouss Kriibsen.
Läichzäit: März bis Juni
Schounzäit Grenzgewässer Musel a Sauer: 01.03– 14.06 **Schounzäit Grenzgewässer Our:** 01.01 – 31.03 **Schounzäit Binnengewässer:** –
Fëschmooss Grenzgewässer: keng Mooss **Fëschmooss Binnengewässer:** keng Mooss
Indikatiounen ouni Garantie